1-2020-O-J-6347-01 (n°3457)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn vum 10te Mäerz 2021
iwwert d'Reduktioun vun CO2-Emissiounen

Lëtzebuerg, den 10/03/2021

2

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- Den europäesche Green Deal huet d'Ambitioun bis 2050 klimaneutral ze ginn a bis 2030 d'CO2-Emissiounen ëm 55% ze reduzéieren;
- de Militärsecteur huet mat all sengen Infrastrukturen, dem dreifstoffintensiven Material um Buedem, um Waasser souwéi an der Loft, ee vun den héchsten CO2-Emissiouns-Tauxen op der Welt;
- Et ass schwéier, eng genee Schätzung vum CO2-Ofdrock vum Militärsecteur ze kréien, well d'Zuelematerial fir d'Produktioun souwéi dem Asaz vu Krichsmaterial net existéieren a vill Zuelen nëmme kënne geschat ginn;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. dass d'Lëtzebuerger Arméi eng Evaluatioun vun hirem CO2-Ausstouss maache soll an dësen, ënnert der Konditioun an der Beschränkung, dass dës Donnéeën net déi national Sécherheet a Gefor bréngen, am Detail soll veröffentlechen.

Marc Goergen